Commune de Saeul
Sëller Gemeng

# Um Fouss vum Ditzebierg



1. 2017

## Chers concitoyens,

Sans trop voir la vie en rose, je pense pourtant être un homme foncièrement optimiste. Ainsi j'ai par exemple des problèmes avec ceux qui affirment que dans le passé, celui de leur enfance, de leur jeunesse, tout était pour le mieux dans le meilleur des mondes, que les enfants étaient sages, les jeunes bien élevés et les adultes de toute façon raisonnables… mais que aujourd'hui, rien ne va plus !

Et pourtant, je dois avouer que j'ai l'impression que le ciel s'assombrit, des nuages sombres, brunâtres commencent à obscurcir l'horizon. Dans le monde, et même dans les pays voisins, le discours de l'intolérance, de l'exclusion, même de la haine de l'autre se banalise.

Des hommes et femmes politiques incarnant ouvertement ces extrêmes se font élire ou sont peut-être sur le point de l'être. Même ces politiques, qui pourtant devraient représenter et défendre les valeurs démocratiques mettent en doute les principes mêmes de cette démocratie, l'indépendance de la justice par exemple, ou celle des médias.


Or, c'est justement cette démocratie qui a, pendant des décennies, garanti notre liberté individuelle, la liberté de nos États, notre bonheur. Je suis convaincu que chacun d'entre nous, et aussi notre petite collectivité, nous nous engagerons, nous lutterons pour sauvegarder une société du respect mutuel, du dialogue, de la tolérance.

Mais revenons justement à notre communauté.

Notre « Buet, Um Fouss vum Ditzebierg » a fait une pause de presque 2 ans, pause due essentiellement à des problèmes personnels et de santé. Mais voilà, sa parution reprend, avec un nouvel élan et de nouveaux collaborateurs qui ont rejoint l'équipe de notre administration.

Les travaux dans l'intérêt de notre commune, nos chantiers, n'ont d'ailleurs pas chômé.

Entretemps notre ancienne mairie a été transformée complètement et est renée en maison relais. La vieille école a été rénovée de fond en comble et abrite maintenant l'enseignement précoce et le préscolaire. En ce moment les alentours se terminent et bientôt la place publique devant la salle des fêtes sera agrémentée d'un jeu d'eau et deviendra un lieu de rencontre convivial. Ainsi un grand chantier qui aura duré presque 6 ans se termine lentement.



La rénovation des rues « um Sand, Jean Mersch et um Bour », elle aussi, sera bientôt finie, il reste la dernière couche de roulement à réaliser dans le chemin « um Bour ». La réfection des infrastructures dans ces rues a permis d'installer une canalisation pour les eaux de pluie des versants du Téintener- , de l'Areler- et du Ditzebierg. Ces eaux de pluie sont ainsi séparées des eaux usées, elles rejoignent la canalisation d'eau de surface qui avait été réalisée lors de la réfection de la rue de Mersch et peuvent ainsi se déverser directement dans le ruisseau « Aeschbech » qui descend vers Brouch.

Notre nouveau réservoir d'eau potable, sur le Ditzebierg, sera bientôt raccordé à la conduite d'amenée de la DEA et fournira alors nos villages d'une eau d'une qualité irréprochable (voir l'article plus loin dans ce « Buet »).

Voilà donc des travaux importants qui se terminent. Mais beaucoup reste à faire ! Notre grand projet de la « Schwebecherbreck », qui comporte successivement le déplacement de la conduite de la SEBES, la réalisation du P&R, une collaboration entre la Commune de Saeul, le Syndicat intercommunal du Canton de Redange et l'Administration des Ponts et chaussées, la construction d'un nouvel atelier communal et le développement, enfin, d'une zone d'habitation, ce grand projet donc, très complexe, est en train de devenir tout à fait concret et passe en ce moment par les différentes instances gouvernementales.

Mais une autre tâche, très importante qu'il reste à réaliser est le traitement des eaux usées de Calmus, Kapweiler et Schwebach. Il existe bien actuellement une station d'épuration provisoire à Schwebach pour traiter les eaux usées de cette localité, mais justement elle n'est que provisoire, et en attendant les deux autres villages

déversent leurs eaux ménagères usées dans de vieilles fosses dépassées par le temps et les événements et dont le trop-plein se vide dans le ruisseau de la « Schwebach ». Une situation qui n'est plus tolérable. Ici il y a une protection de la nature très concrète à faire ! Plusieurs projets de construction dans ces villages ont d'ailleurs été bloqués par le Ministère de l'Environnement qui exige la construction préalable d'une station d'épuration définitive à Schwebach. Le Conseil communal a décidé la réalisation de cet ouvrage et les démarches administratives au niveau gouvernemental sont en cours, mais il y a urgence en la matière !!

Par ailleurs, le Conseil communal est en train de travailler sur un plan de transformation de la place près de l'Église à Saeul où la vieille fontaine, qui est en piteux état, devra être remplacée par un lieu de rencontre assurant aussi un nombre de places de stationnement plus important, ce qui sera sûrement à l'avantage des différents commerces existant dans le centre de notre localité ou qui s'y sont récemment installés.

Il y a donc du pain sur la planche.

Raoul Clausse
Bourgmestre

*D'Wuert vum Buergermeeschter*

*Léif Matbiergerinnen a Matbierger*

*Ouni datt ech mengen et wier alles am Botter, denken ech dach en zimlech optimistesche Mënsch ze sinn. Ech ka schwéier novollzéien, datt et Leit gëtt déi behaapten, fréier, an hirer Kandheet oder Jugend, wier alles besser gewiescht ewéi haut. D'Kanner wiere méi brav gewiescht an déi Erwuesse méi verstänneg, awer haut géif alles aus dem Rudder lafen.*

*Ech muss allerdéngs zouginn, datt ech beonrouegt sinn, iwwert déi däischter a brong Wolleken déi um Horizont opzéien. Iwwerall an der Welt, an och an eisen Nopeschlänner héiert een ëmmer méi den Tenor vun der Intoleranz, der Exklusioun an dem Haass.*

*Männer a Fraen, déi ëffentlech déi Positioune vertrieden, kandidéiere fir d'Walen oder sinn esouguer scho gewielt. Politiker, déi eis demokratesch Wäerter dach misste vertrieden a verdeedegen, zweiwelen un de Prinzipie vun der Demokratie, wéi der Onhofhängegkeet vun der Justiz oder där vun de Medien.*

*Nun ass et awer just déi Demokratie, déi zanter Joerzéngten eis perséinlech Fräiheet an eist Gléck, grad ewéi d'Fräiheet vun den Natiounen ofgeséchert huet. Ech sinn iwwerzeegt datt mer äis alleguerten, och eis kleng Kommunautéit, fir de géigesäitege Respekt, den Dialog an d'Toleranz asetze wäerten.*

*Komme mer awer zréck an eis Gemeng.*

*Eise Buet, « Um Fouss vum Ditzebierg », hat elo bal zwee Joer laang Paus. Deen Ausfall hat perséinlech a gesondheetlech Grënn. Elo geet et awer erëm lass, mat engem neien Ulaf a mat neie Mataarbechter, déi d'Ekipp vun eiser Gemeng verstäerken.*

*D'Aarbechten am Intressi vun eiser Gemeng, eis Chantieren, louchen all déi Zäit net brooch.*

*An der Tëschenzäit ass eis al Gemeng komplett renovéiert, an an eng Maison relais ëmgebaut ginn. Déi al Schoul ass och vu Grond op nei gemeet ginn, do ass elo de Precoce an d'Spillschoul dran. An dësem Ament gëtt alles ronderëm fäerdeg gemeet, a geschwë gëtt d'Plaz virum Festsall mat engem Sprangbur verschéinert, fir datt et eng Plaz gëtt wou d'Leit sech gär begéinen an ophalen. Domat gëtt dann e grousse Chantier no bal 6 Joer esou lues ofgeschloss.*

*D'Renovatioun vun de Stroossen « Um Sand, Jean Mersch an um Bour » ass och geschwë fäerdeg, de leschte Belag am Wee « Um Bour » muss nach opgeluecht ginn. Duerch d'Erneierung vun der Infrastruktur an deene Stroossen, konnt elo e Kanal fir d'Opfänke vum Reenwaasser aus den Häng vum Téintener-, dem Areler- an dem Ditzebierg geluecht ginn. Dat Reenwaasser gëtt vum Ofwaasser getrennt an am Reenwaasserkanal opgefaang, dee scho bei der Renovatioun vun der Mierscherstrooss gebaut gi war. Vun do aus leeft et an d'Aeschbech a weider op Brouch.*

*Eisen neien Drénkwaasserbaseng um Ditzebierg gëtt geschwënn un d'Zouleitung vun der DEA ugeschloss, a liwwert dann eisen Dierfer en éischtklassegt Waasser (Kuckt*

*den Artikel am dësem Buet).*


*Dës wichteg Aarbechte si bal fäerdeg. Et bleift awer nach vill ze dinn. Eise grousse Projet op der Schweebecherbréck gesäit vir, datt fir d'éischt emol d'Leitung vun der SEBES verluecht gëtt, da gëtt e P&R gebaut, dat ass eng Zesummenaarbecht vun der Gemeng Säll, dem Syndikat vum Réidener Kanton an de Ponts et Chaussées. Duerno gëtt en neie Gemengenatelier opgeriicht, an et gëtt eng nei Wunnzon entwéckelt. Dëse groussen a komplexe Projet gëtt elo konkret, an ass de Moment um Instanzewee.*

*Eng aner ganz wichteg Aufgab déi mer nach musse léisen, ass d'Traitement vum Ofwaasser zu Kaalmes, Kapweiler a Schweebech. Do gëtt et momentan eng provisoresch Kläranlag fir d'Ofwaasser vu Kaalmes ze botzen, déi ass awer eben nëmme provisoresch, an duerfir leeft d'Ofwaasser vun deenen zwou aneren Uertschaften an zwou Fossen, déi net méi zäitgeméiss sinn, an deenen hiren Iwwerlaf einfach an d'Schweebech leeft. Dat kënne mer net esou loossen. Hei muss ganz konkret eppes fir den Naturschutz gemeet ginn.*
*Et sinn iwwregens e puer Bauprojeten an deenen Dierfer vum Ëmweltministère blockéiert ginn, well deen de Bau vun enger definitiver Kläranlag zu Schweebech fuerdert. De Gemengerot huet beschloss dee Bau ëmzesetzen, an déi néideg administrativ Schrëtt um Niveau vun der Regierung sinn ageleet. Et ass och héich Zäit ginn.*

*Doriwwer eraus ass de Gemengerot amgaang un engem Plang ze schaffen, fir der Kiercheplaz zu Säll, mat deem ale Sprangbur, deen an engem schlechten Zoustand ass, eng nei Nues ze ginn. Dat soll eng Plaz ginn, wou d'Leit sech kënne begéinen, a wou och nach zousäzlech Parkplaze geschafe ginn, déi bestëmmt de Geschäftsleit am Zentrum vum Duerf zupaass wäerte kommen.*

*D'Aarbecht geet äis also nach net aus.*

*Raoul Clausse*
*Buergermeeschter*



presentéiert vum
Joël KIEFFER,
Gemengesekretär

presentéiert vum
Valérie BÉGUÉ,
Konselljee



## Conseil communal du 13 septembre 2016

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün et Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal ff.

### Séance publique

#### 1. Plan de gestion annuel des forêts communales

Le plan de gestion annuel de l'exercice sylvicole 2017 est présenté par le garde-forestier Thierry Hollerich. Il prévoit des investissements (dépenses) de l'ordre de 103.050€ contre des recettes estimées à 66.300€. Après les explications fournies par le garde-forestier, le plan de gestion 2017 est approuvé à l'unanimité des voix.

#### 2. Approbation d'une convention

Une convention avec la Commune de Beckerich concernant l'acquisition et l'entretien d'un tracteur (cf. cc du 26.05.16) pour le service forestier est ratifiée unanimement.

#### 3. SIDERO - Station d'épuration à Schwebach

Suite à la réunion de concertation du 12.07.2016, une visite de la station d'épuration (STEP) de Dondelange a eu lieu en date du 11.08.2016. Le conseil discute sur le site proposé de la nouvelle STEP qui devrait être implanté sur la rive droite de la Schwebach en amont du village et du croisement avec la rue « Bréckewee ».
Après le débat, le conseil communal décide majoritairement avec 5 voix pour, une abstention et une voix contre, de fixer l'emplacement de la nouvelle STEP de Schwebach comme prévu sur le plan de situation présenté.

### 4. SIDERO - Station d'épuration à Ehner

Une décision de principe concernant l'implantation d'une station d'épuration (STEP) à Ehner est prise à l'unanimité des voix. L'implantation sera prévue à l'ouest du village sur un terrain que la commune est en train d'acquérir.

### 5. Présentation du plan pluriannuel de financement 2016

Le plan pluriannuel de financement est un instrument qui permet de prévoir la situation financière d'une commune sur plusieurs exercices consécutifs, actuellement jusqu'en 2021. Ce plan est uniquement présenté chaque année au conseil communal sans devoir l'approuver par un vote. Le ministère de l'Intérieur reçoit une ampliation de ce document.

### 6. Impôt commercial - Année 2017

Le taux de l'impôt commercial pour l'année 2017 restera, sur décision unanime du conseil, inchangé par rapport à 2016, à savoir 300%.

### 7. Impôt foncier - Année 2017

A l'instar de l'impôt commercial, les taux de l'impôt foncier A et B resteront également inchangés, à savoir 300%.

### 8. Comptes administratif et de gestion – Exercice 2014

Les deux comptes n'ont pas fait l'objet de remarques de la part du service de contrôle de la comptabilité communale du ministère de l'Intérieur. Les deux comptes sont arrêtés unanimement par le conseil avec un boni 2014 de 2.235.041,27€.

### 9. Crédit supplémentaire

Un crédit supplémentaire de 3.000€ pour les livres scolaires de l'année prochaine (rentrée scolaire du 15.09.16) est approuvé sans observations.

### 10. Repas sur roues - Adaptation du tarif

Le prix d'un repas sur roue sera de 13€ à partir du 1er janvier 2017. Ce prix est identique à celui facturé par la Croix-Rouge luxembourgeoise et est accepté unanimement.

### 11. Plan d'encadrement périscolaire 2016/2017

Le plan d'encadrement périscolaire présenté par le bourgmestre trouve l'approbation unanime du conseil communal.

## Gemengerot vum 13. September 2016

**Et waren do :**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.

## Ëffentlech Sëtzung

### 1. Jäerleche Gestiounsprogramm vun de Gemengebëscher

De jäerleche Gestiounsprogramm vum Joer 2017 gëtt vum Fierschter Thierry Hollerich virgestallt. E gesäit Investissementer (Ausgabe) vun 103.050€ vir, an et komme geschate 66.300€ eran. No den Erklärunge vum Fierschter gëtt de Gestiounsprogramm 2017 eestëmmeg ugeholl.

### 2. Unhuele vun enger Konventioun

Eng Konventioun mat der Gemeng Bieckerech fir d'Uschafen an Ënnerhale vun engem Trakter (Cf. Gemengerot vum 26.05.16) fir Bëschaarbechte gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 3. SIDERO-Kläranlag zu Schweebech

No enger Informatiounsversammlung vum 12.07.2016, gouf den 11.08.2016 eng Visite op der Kläranlag vun Dondel gemeet. De Gemengerot diskutéiert iwwert de Site, dee fir déi nei Kläranlag virgeschloe ginn ass, an déi op der rechter Säit vun der Schweebech, tëschent dem ieweschten Duerf an der Kräizung mat der Strooss « Bréckewee » soll gebaut ginn.
No der Diskussioun beschléisst de Konsell majoritär mat 5 Stëmmen derfir, enger Enthalung an enger Stëmm dergéint, déi Plaz fir d'Kläranlag, sou wéi se um Plang agezeechent ass, guttzeheeschen.

### 4. SIDERO-Kläranlag zu Iener

Eng Prizipiendecisioun wéinst dem Bau vun enger Kläranlag zu Iener gëtt eestëmmeg ugeholl. D'Kläranlag gëtt am Weste vum Duerf opgeriicht, op engem Terrain deen d'Gemeng amgaang ass ze kafen.

### 5. Virstelle vun engem Méijores-Finanzplang 2016

De Méijores-Finanzplang ass en Instrument dat et erlaabt, fir déi finanziell Situatioun vun enger Gemeng iwwer e puer Joren hannertenee virauszegesinn, dat geet elo bis an d'Joer 2021. Dëse Plang gëtt dem Gemengerot all Joer virgestallt, et muss awer net driwwer ofgestëmmt ginn. Den Inneministère kritt eng

Kopie vun deem Dokument.

**6. Gewerbesteier 2017**

De Saz fir d'Gewerbesteier 2017 bleift, no enger eestëmmeger Decisioun vum Gemengerot, deeselwechte wéi 2016, dat heescht 300%.

**7. Grondsteier 2017**

Sou wéi bei der Gewerbesteier bleift och de Saz fir d'Grondsteier A a B onverännert bei 300%.

**8. Administrativ a Gestiounskonten-Exercice 2014**

Dës zwéi Konte sinn ouni weider Remarque vum Inneministère guttgeheescht ginn. Déi Konte ginn eestëmmeg vum Konsell ugeholl. De Boni fir 2014 ass 2.235.041,27€.

**9 . Zousazkredit**

En Zousazkredit vun 3.000€ fir d'Uschafe vu Schoulbicher fir dat nächst Joer (Schoulufank de 15.09.16) gëtt ouni Diskussioun ugeholl.

**10. Iessen op Rieder-Upasse vum Tarif**

En Iesse kascht vum 1. Januar 2017 un 13€. Dat ass deeselwechte Präis deen och d'Rout Kräiz freet. Den Tarif gëtt eestëmmeg ugeholl.

**11. Plang fir den Encadrement niewent de Schoulstonnen 2016/2017**

Den Encadrementsprogramm, wéi de Buergermeeschter e virstellt, gëtt eestëmmeg vum Konsell ugeholl.
der neier Schoul zu Sëll ze installéieren.

## Conseil communal du 26 septembre 2016

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal ff.

### Séance publique

**1. Projet d'aménagement particulier - Kapweiler**

Le projet pour le compte de M. Jean-Paul Mousel de Calmus et de la Commune de Saeul, prévoit la construction de 3 maisons unifamiliales dans la rue « Duerfstrooss » à Kapweiler. Une réclamation d'un riverain a été introduite conformément à la législation en la matière. Les observations interjetées sont discutées point par point. Après délibération, le projet en question est approuvé majoritairement avec 6 voix contre une.

**2. PAG - modification ponctuelle – vote définitif**

**a) PAG – Centre de Calmus**
Le conseil communal a émis un premier vote en séance du 26 mai 2016. Suite à l'avis du Ministère de l'Intérieur du 29 juin 2016 le projet a été modifié en conséquence et aucune réclamation ou observation n'a été introduite endéans le délai de publication. Le projet de modification du PAG au centre de la localité de Calmus est approuvé définitivement à l'unanimité des voix.

**b) PAG – partie écrite**
Le premier vote du conseil communal du 26 mai 2016 a été avisé favorablement par le Ministère de l'Intérieur en date du 29 juin 2016. Aucune réclamation n'a été introduite à l'encontre de cette modification ponctuelle. Le vote définitif se fait à l'unanimité des voix.

**3. Club Senior Atertdall**

Le conseil communal prend unanimement la décision de principe d'adhérer au « Club Senior Aterdall ». La cotisation annuelle sera payable en fonction du nombre d'habitants et devrait se situer à ± 4.900€

**4. Crédit supplémentaire**

Des fissures ont été détectées dans la chapelle de Kapweiler. Afin de pouvoir constater si des travaux de réfection importants seront à prévoir dans le futur, une étude de la situation existante (levé) sera effectuée dans les meilleurs délais. Le crédit de 3.000€ y relatif est voté par tous.

**5. Règlement de circulation général**

En raison de l'étroitesse de la rue « Kiirfechtswee » à Saeul, le stationnement est interdit des deux côtés à partir du croisement avec la rue Principale jusqu'à l'entrée du parking communal. Cette modification du règlement de circulation général est votée majoritairement avec 6 voix et une abstention.

**6. Convention - Cours de gymnastique**

Une convention avec Monsieur Tom Majerus relative à l'organisation des cours de gymnastique à Saeul est ratifiée par l'ensemble du conseil communal.

## A huis clos

### 7. Personnel communal

Suite à la démission d'un rédacteur, le conseil communal procède par scrutin secret à la nomination d'un nouveau rédacteur avec une tâche partielle de 75 % au sein du secrétariat de la Commune de Saeul.

## Gemengerot vum 26. September 2016

**Et waren do :**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch et Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.

## Ëffentlech Sëtzung

### 1. PAP Kapweiler

De PAP fir de Kont vum Här Jean-Paul Mousel vu Kaalmes a vun der Gemeng Säll, gesäit de Bau vun 3 Eefamilljenhaiser an der „Duerfstrooss" zu Kapweiler vir. Eng Reklamatioun vun engem Noper ass gesetzeskonform erakomm. Déi Objektioune gi Punkt fir Punkt diskutéiert. No der Deliberatioun gëtt de Projet majoritär mat 6 Stëmme géint 1 ugeholl.

### 2. PAG-Punktuell Ëmännerung-Ofstëmmung

a) PAG-Zentrum vu Kaalmes
De Gemengerot hat eng éischte Kéier an der Sëtzung vum 26. Mee 2016 driwwer ofgestëmmt. Nom Avis vum Inneministère den 29. Juni 2016, ass de Projet deementspriechend geännert ginn, an duerno ass keng weider Reklamatioun am Delai erakomm. De Projet fir d'Ofännerung vum PAG am Zentrum vu Kaalmes gëtt eestëmmeg ugeholl.

**b) PAG-Schrëftlechen Deel**
Den 1. Vote vum Gemengerot, aus der Sëtzung vum 26. Mee 2016, ass den 29. Juni 2016 vum Inneministère ofgeseent ginn. Et ass keng weider Reklamatioun op dës punktuell Modifikatioun erakomm. Déi definitiv Ofstëmmung geschitt eestëmmeg.

### 3. Club Senior Aterdall

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, dem „Club Senior Atertdall" bäizetrieden. D'Cotisatioun fir 1 Joer gëtt op d'Awunnerzuel berechent, a wäert ongeféier 4.900€ kaschten.

### 4. Zousazkredit

D'Kapell vu Kapweiler ass plazeweis gebascht. Fir ze wëssen, ob do gréisser Renovatiounsaarbechte mussen ënnerholl ginn, gëtt esou séier wéi méiglech eng Bestandsopnahm gemeet. Dofir gëtt e Kredit vun 3.000€ eestëmmeg gestëmmt.

### 5. Allgemengt Verkéiersreglement

Well de « Kierfechtswee » zu Säll zimlech schmuel ass, gëtt d'Stationéieren tëschent der Haaptstrooss an dem Agank vum Gemengeparking verbueden. Des Ofännerung vum Reglement gëtt majoritär mat 6 Stëmmen an enger Enthalung ugeholl.

### 6. Konventioun-Gymnastikcoursen

Eng Konventioun mam Här Tom Majerus, fir d'Organisatioun vu Gymnastikcoursen zu Säll, gëtt vum ganze Konsell ënnerzeechent.

## Geheimsëtzung

### 7. Gemengepersonal

No der Demissioun vun engem Redakter ernennt de Gemengerot an enger geheimer Ofstëmmung en neie Redakter, mat enger Deelbeschäftigung vu 75% am Sekretariat vun der Gemeng Säll.

## Conseil communal du 31 octobre 2016

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal ff.
**Excusée :** Valérie Bégué

## A huis clos

### 1. Personnel communal

Le conseil communal nomme par scrutin secret un nouveau rédacteur à tâche complète au sein du secrétariat de la Commune de Saeul. L'accord d'une tâche partielle de 75% n'est pas du ressort du conseil communal, mais devra être accordée par le collège échevinal (cf . cc du 26.09.2016).

## Séance publique

**2. Approbation d'actes**

Les trois actes sont ratifiés unanimement par le conseil :

a) Un acte portant sur la cession gratuite (PAP) d'une place (voirie publique) d'une contenance de 24,54 ares au lieu-dit « Zärepesch » à Saeul.
b) Un acte portant sur la cession gratuite de deux terrains sis à Schwebach (Uewt dem Gaarden & rue Boschlék) d'une contenance totale de 15,87 ares.
c) Un acte portant sur l'échange de terrains à Saeul entre la famille Ooms-Sinner et la Commune de Saeul aux lieux-dits « Hiwelsbirchen » et « In den Puetzer ».

**3. Crédits supplémentaires**

Les deux crédits sont votés unanimement :

**a) Acquisition d'une lame chasse-neige**
Un crédit spécial de 10.000€ pour ladite acquisition.
**b) Frais d'actes**
Un crédit spécial de 5.000€ pour le paiement des frais de notaires dans le cadre d'actes notariés

**4. Tableau modifications ordinaire**

Les modifications budgétaires de l'exercice 2016 pour la partie du budget ordinaire sont votés à l'unanimité des voix. Des dépenses supplémentaires de l'ordre de 8.800€ sont à prévoir.

**5. OSCARE**

Le budget rectifié de l'exercice 2016 et celui de l'édition 2017 de l'Office Social du Canton de Redange sont approuvés sans aucune observation.

**6. Cadeau de départ**

L'instituteur Guy Wolff a pris sa retraite à la fin de l'année scolaire. Au lieu d'un cadeau de départ le sieur Wolff a souhaité faire un don au profit des enfants réfugiés (Caritas). Le conseil discute au sujet du montant du « cadeau de départ » et arrête majoritairement avec 4 voix contre 2 le montant de 40€ par année de service (délibération du cc du 18.07.2002). Les deux conseillers votant contre cette proposition, auraient aimé voir un montant plus élevé afin d'honorer les mérites du sieur Wolff (président d'école, etc.)

**7. Club Senior Atertdall :**

Le conseiller Jean Konsbrück est nommé délégué au sein du Club Senior Atertdall à l'unanimité des voix et M. Guy Grün est désigné unanimement comme suppléant.

## Gemengerot vum 31. Oktober 2016

**Et waren do :**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.
**Entschëllegt :** Valérie Bégué, Konselljee.

## Geheimsëtzung

**1. Gemengepersonal**

De Gemengerot nominéiert an enger geheimer Ofstëmmung en neie Redakter, mat enger kompletter Tâche am Sekretariat vun der Gemeng. Eng Deelustellung mat 75% läit net an de Kompetenze vum Gemengerot, déi muss vum Schäfferot bewëllegt ginn. (Cf. Gemengerot vum 26.09.2016)

## Ëffentlech Sëtzung

**2. Unhuele vun Akten**

Dës 3 Akte ginn eestëmmeg vum Gemengerot ënnerzeechent:

a) En Akt iwwert déi gratis Cessioun (PAP) vun enger Plaz (ëffentleche Verkéierswee) vu 24,54 Ar am „Zärepesch" zu Säll.
b) En Akt iwwert déi gratis Cessioun vun 2 Terrainen zu Schweebech (Uewt dem Gaarden & rue Boschlék) vun am Ganze 15,87 Ar.
c) En Akt iwwert den Tosch vun Terrainen zu Säll tëschent der Famill Ooms-Sinner an der Säller Gemeng um „Hiwelsbirchen" an „In den Puetzer".

**3. Zousazkrediter**

Dës 2 Krediter ginn eestëmmeg ugeholl:
**a) Uschafe vun enger Schuer fir de Schnéiplou**
E Spezialkredit vun 10.000€ fir déi Uschafung.
**b) Aktkäschten**
E Spezialkredit vu 5.000€ fir d'Bezuele vun den Notärskäschten am Kader vun Notärsakten.

**4. Tableau vun ordinäre Modifikatiounen**

D'Budgetsmodifikatioune vum Exercice 2016 am ordinäre Budget ginn eestëmmeg ugeholl. Et ginn zousäzlech Ausgabe vun 8.800€ virgesinn.

**5. OSCARE**

De rektifizéierte Budget vum Exercice 2016, an dee vum Joer 2017 vum Office Social vum Réidener Kanton, ginn

eestëmmeg an ouni weider Bemierkung ugeholl.

### 6. Abschidscadeau

De Schoulmeeschter Guy Wolff ass um Enn vum Schouljoer a Pensioun gaang. Amplaz vun engem Cadeau wollt den Här Wolff en Don fir d'Flüchtlingskanner (Caritas) maachen. De Konsell diskutéiert iwwert d'Zomm déi soll agesat ginn, a beschléisst majoritär mat 4 géint 2 Stëmmen, datt solle 40€ pro Joer wou hie Schoul gehal huet, festgehale ginn (Deliberatioun vum Gemengerot den 18.07.2002). Déi 2 Konselljeeën déi géint dës Propositioun gestëmmt hunn, hätte léiwer méi en héije Montant gestëmmt, fir domat dem Här Wolff seng Meritte besser ze belounen. (Schoulpresident, asw.)

### 7. Club Senior Atertdall

De Konselljee Jean Konsbrück gëtt eestëmmeg als Delegéierten am Club Senior Atertdall gewielt. Den Här Guy Grün gëtt eestëmmeg zum Suppleant ernannt.

## Conseil communal du 20 décembre 2016

**Personnes présentes :**
Raoul Clausse, bourgmestre.
Marc Fisch et Gérard Zoller, échevins.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, conseillers.
Jean-Marie Gillen, secrétaire communal ff.

## Séance publique

### 1. Budget rectifié 2016 et budget 2017

Le budget rectifié 2016 et l'édition 2017 ont été présentés et discutés lors d'une réunion de travail du conseil communal. La réforme des finances communales aura sûrement des répercussions moins positives au niveau de notre budget. L'excédent ordinaire qui permet de financer les investissements (dépenses extraordinaires) ne laisse que peu de marge de manœuvre. Le budget rectifié 2016 devrait se clôturer avec un mali de 334.542,26€. Les prévisions pour l'exercice 2017 laissent entrevoir un boni de l'ordre de 1.338.708,31€, mais avec l'inscription d'un emprunt de 1.000.000€.

Les deux budgets sont votés à l'unanimité des voix.

### 2. Enseignement fondamental

Le contrat de consultance et d'accompagnement « TechCare - EduCare » avec la société Educdesign est ratifié par tous pour l'année 2017 au prix de 8.437,92€.

### 3. Fabriques d'église de la commune de Saeul - Demandes d'ester en Justice

Le SYFEL qui représente, sous forme de syndicat, la majorité des fabriques d'église du Grand-Duché du Luxembourg sollicite par l'intermédiaire des fabriques d'église de Calmus et de Saeul, une autorisation d'ester en justice en vue de faire annuler la convention signée en date du 26 janvier 2015 entre le Gouvernement et l'archevêché de Luxembourg.

Après de longues discussions, parfois brusques, le conseil communal refuse majoritairement l'octroi d'une telle autorisation. Le vote relatif à la demande de la fabrique d'église de Saeul est arrêté avec 3 voix contre et 3 abstentions (Zoller président FE Saeul : empêché de droit). Le vote relatif à la demande de la fabrique d'église de Calmus est arrêté avec 3 voix contre, 2 abstentions et 1 voix pour (Fisch secrétaire FE Calmus : empêché de droit).

### 4. Voirie rurale - Compromis de vente

Une dizaine de compromis de vente signés entre le collège échevinal et les différents propriétaires des parcelles concernées, sont ratifiés par l'ensemble du conseil communal. Cette transaction est effectuée dans le but d'inclure un chemin rural appartenant aux riverains (syndicat) au domaine public communal, afin d'entamer des travaux de réfection dudit chemin. Les terrains concernés sont situés à Ehner et seront cédés à titre gratuit.

### 5. Fermage

a) Un contrat de bail conclu avec Monsieur Yves Conter de Saeul concernant deux terrains communaux d'une contenance totale de 1,14 hectares, au prix de location de 3,50€/l'are, est ratifié par l'ensemble du conseil communal.

b) Un contrat de bail conclu avec Monsieur Pit Bertemes de Kapweiler concernant deux terrains communaux d'une contenance totale de 44,92 ares, au prix de location de 3,50€/l'are, est ratifié par l'ensemble du conseil communal.

### 6. SICONA - Programme 2017

Le programme du syndicat Sicona prévoit des travaux d'entretien et des mesures de protection de l'environnement pour un montant total de 25.416,45€ au budget ordinaire et de 72.993,52€ au budget extraordinaire (création de biotopes). Le programme est approuvé à l'unanimité des voix.

### 7. Approbation d'un tarif

Le tracteur forestier communal effectue également des travaux au sein des propriétés forestières appartenant

à l'Etat. Ces travaux seront rétribués moyennant une redevance horaire de 49 euros  pour l'utilisation du tracteur avec treuil et de 60 euros pour l'utilisation du tracteur avec treuil et remorque. Les redevances sont arrêtées unanimement par le conseil.

**8. Crèche «A Butzen» - convention**

Des travaux de rénovation complète du bâtiment abritant la crèche « A Butzen » à Reichlange sont actuellement en cours. Des locaux actuellement libres du nouveau bâtiment scolaire de Saeul sont mis gracieusement à disposition de la crèche pendant la durée des travaux. Une convention réglant cette mise à disposition est ratifiée unanimement par le conseil.

## Gemengerot vum 20. Dezember 2016

**Et waren do :**
Raoul Clausse, Buergermeeschter.
Marc Fisch a Gérard Zoller, Schäffen.
Valérie Bégué, Edmond Gengler, Guy Grün, Jean Konsbrück, Konselljeeën.
Jean-Marie Gillen, Gemengesekretär ff.

### Ëffentlech Sëtzung

**1. Rektifizéierte Budget 2016 a Budget 2017**

De rektifizéierte Budget 2016 an de Budget 2017 gi virgestallt, an an enger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot diskutéiert. D'Reform vun de Gemengefinanze wäert sécher negativ Auswierkungen op eise Budget hunn. Den ordinären Iwwerschoss, deen et erlaabt d'Investissementer (extraordinär Ausgaben) ze finanzéieren, léisst net vill Spillraum. De rektifizéierte Budget 2016 dierft mat engem Mali vun 334.542,26€ ofschléissen. D'Previsioune fir 2017 gesinn e Boni vun 1.338.708,31€ vir, allerdéngs mat engem Emprunt vun 1.000.000€. Déi zwéi Budgete ginn eestëmmeg ugeholl.

**2. Grondschoul**

De Kontrakt fir Berodung a Begleedung « TechCare-EduCare » mat der Societéit Educdesign gëtt fir d'Joer 2017 ënnerzeechent. De Präis ass 8.437,92€.

**3. Kierchefabrike vun der Gemeng Säll-Demandë fir um Geriicht ze kloen**

De SYFEL, deen a Form vun engem Syndikat d'Majoritéit vun de Kierchefabriken aus dem Land vertrëtt, freet iwwert d'Kierchefabrike vu Kaalmes a Säll, d'Arlaabnis fir op d'Geriicht ze goen, a fir do d'Konventioun, déi de 26. Januar 2015 tëschent der Regierung an dem Bistum vu Lëtzebuerg ënnerzeechent ginn ass, ze annuléieren. No laangen an deelweis heftegen Diskussiounen, gëtt de Gemengerot majoritär dem SYFEL déi Erlaabnis net. D'Ofstëmmen iwwert d'Ufro vun der Säller Kierchefabrik ergëtt 3 Stëmmen dergéint an 3 Enthalungen (Zoller als President vun der Kierchefabrik Säll duerf net ofstëmmen). Beim Vote iwwert d'Ufro vun der Kierchefabrik vu Kaalmes sinn 3 Stëmmen dergéint, 2 Enthalungen, an 1 Stëmm derfir (Fisch als Sekretär vun der Kierchefabrik Kaalmes duerf net ofstëmmen).

**4. Stroossennetz-Verkaafscompromis**

Eng 10 Compromisen, déi vum Schäfferot a verschiddene Proprietairë vun deene betraffene Parzellen ënnerschriwwe gi sinn, ginn elo vum Gemengerot guttgeheescht. Dës Transaktioun gëtt gemeet, fir e Gemengewee, deen den Ustéisser gehéiert (Syndikat), der Gemeng ze iwwerdroen, fir datt dee Wee kann erneiert ginn. Déi Terraine leien zu lener a gi gratis iwwerlooss.

**5. Pachtverträg**

a) E Pachtvertrag mam Här Yves Conter vu Säll, wéinst zwee Gemengestécker vun am Ganzen 1,14 Hektar, zum Pachtpräis vun 3,50€/Ar, gëtt vum ganze Gemengerot ënnerschriwwen.
b) E Pachtvertrag mam Här Pit Bertemes vu Kapweiler, wéinst zwee Gemengestécker vun am Ganze 44,92 Ar, zum Pachtpräis vun 3,50€/Ar, gëtt vum ganze Gemengerot ënnerschriwwen.

**6. SICONA-Programm 2017**

De Programm vum Syndikat SICONA gesäit Ënnerhaltsaarbechten am Kader vum Ëmweltschutz vir. 25.416,45€ falen op den ordinäre Budget, an 72.993,52€ op den extraordinären (Schafe vu Biotopen). De Programm gëtt eestëmmeg ugeholl.

**7. Guttheesche vun engem Tarif**

De Gemengentrakter mécht och Aarbechten an de Staatsbëscher. Dës Aarbechte gi mat 49€ d'Stonn bezuelt, fir den Trakter mat der Wann, a mat 60€ fir den Trakter mat Wann an Unhänger. Déi Präisser ginn eestëmmeg ugeholl.

**8. Crèche «A Butzen» - Konventioun**

D'Gebai vun der Crèche „A Butzen" zu Räichel gëtt de Moment komplett renovéiert. Déi zur Zäit eidel Säll an der Säller Schoul ginn der Crèche gratis zur Verfügung gestallt, bis d'Arbechten ofgeschloss sinn. Fir dat ze regelen, gëtt eng Konventioun eestëmmeg vum Konsell ënnerschriwwen.

# Gemeindehaushalt 2017: Gemeindeautonomie Ade



Beim Haushaltskommentar 2017, kommt man nicht umhin über das neue Gemeindefinanzierungsgesetz zu schreiben. Wenn man im Gesetzentwurf das „Exposé des motifs“ liest, weiss man sofort woher der Wind weht. So schreibt Minister Kersch z.b. dass das neue Gesetz „stimule le processus de fusion entre communes“. Des Weiteren hat die Gemeinde nur noch einen begrenzten Handlungsraum bei der Festlegung des Gewerbesteuersatzes: 225%-350% (vorher nicht begrenzt).

Die Hauptänderung ist die Abschaffung der beiden Haupteinnahmequellen (ca 80% für Saeul), Gewerbesteuer (ICC) und Fonds communal de dotation financière (FCDF). Beide werden durch einen gemeinsamen Fonds de dotation globale des communes (FDG) ersetzt. 35% vom ICC dürfen direkt einbehalten werden.
Auf der Habenseite kann man verzeichnen dass die Beteiligung der Gemeinde an den Lehrergehältern entfällt (218 953 € in 2015).

**Wie wird dieser FDG verteilt ?**

Jede Gemeinde erhält eine Pauschalbetrag zwischen 0 und 300 000 € im Verhältnis zur Einwohnerzahl zwischen 1000 und 3000 Einwohnern. Mit 750 Einwohnern geht Saeul leer aus.

Das Saldo wird laut folgenden Kriterien verteilt:

82% laut Einwohnerzahl (problematisch weil Saeul als Landgemeinde keine Baulanderweiterung gestattet bekommt).

3% laut Beschäftigten in der Gemeinde (problematisch weil Saeul keine Handelszone gestattet bekommt).

9-10% laut einem sozio-ökonomischen Index (RMG-Empfänger, Arbeitslosenrate, mittleres Einkommen, monoparentale Haushalte).

0-1% laut Anzahl an Sozialwohnungen (1500 pro Sozialwohnung kann der Gemeinde zugesprochen werden).


5% laut Fläche (hierbei werden Gemeinden belohnt welche eine dichte Bebauung haben, wird uns ebenfalls in Saeul nicht gestattet. Grünflächen  werden gar nicht mehr berücksichtigt).

Gemeinden wie Saeul wird während einer, noch zu bestimmenden, Zeit, ein Ausgleich zugestanden, welcher folgendermassen berechnet wird:

| **Posten** | **2017** | **Referenzjahr 2015** |
|---|---|---|
| Gewerbesteuer (ICC) | (35%) 34167 € | 460 235 € |
| Fonds (FDG/FCDF) | 1 962 841 € | 1 825 815 € |
| abzüglich Arbeitslosenfonds | -65 000 € | -9 205 € |
| Einsparung Lehrergehälter | | -218 951 € |
| Ausgleich Saeul | 125 886 € | |
| Total | 2 057 894 € | 2 057 894 € |

**<u>Eckdaten des diesjährigen Haushaltes:</u>**

| | |
|---|---|
| Ordentliche Einnahmen | 2 903 614,71 € |
| Ordentliche Ausgaben | 2 703 911,22 € |
| Ordentlicher Ueberschuss | 199 703,49 € |
| Ausserordentliche Einnahmen | 2 790 133,00 € |
| Ausserordentliche Ausgaben | 2 248 716,58 € |
| Ausserordentlicher Ueberschuss | 541 416,42 € |
| Mali 2016 | -334 542,26 € |
| Definitiver Ueberschuss 2017 | 406 577,65 € |




presentéiert vum
Gérard ZOLLER,
Schäffe

**Die wichtigsten aussergewöhnlichen Ausgaben 2017:**

| | |
|---|---|
| Sidero - Beitrag Kläranlagen | 419 848 € |
| Trinkwasserbehälter (Restbetrag) | 273 971 € |
| Bau eines Gemeindeateliers | 234 000 € |
| Vieraschiedene Studien P&R Schwebach + Gesamtgelände | 117 000 € |
| Feldweg Winebesch in Ehner | 90 000 € |
| Digitale Wasserzähler | 90 000 € |
| Sicona - Renaturierung Schwebach | 72 994 € |
| Bebauungsplan (PAG) - Teilbetrag | 61 020 € |
| Kauf Mehrzweck-Traktor | 52 000 € |
| Holzchalet für Schulaktivitäten | 50 000 € |
| Feldweg Holtges in Ehner | 48 500 € |
| Wasserspiel und Dorfplatz Saeul | 37 000 € |
| Umsetzung Verkehrsstudie | 35 100 € |
| Strassenbauarbeiten Sand-Bour-Jean Mersch (Restbetrag) | 35 000 € |
| Spielplätze Schwebach und Calmus | 28 000 € |
| Beschilderung Tourismusweg | 20 000 € |
| Infrastrukturverwaltungsprogramm (GIS) | 14 000 € |
| Bürgersteig Calmus | 14 000 € |
| Studie Nahwärmenetz Saeul | 12 500 € |
| Telefonzentrale | 10 000 € |
| Kauf ökologischer Unkrautvernichter | 10 000 € |
| Kauf Schneepflug | 10 000 € |
| Renovierung Jugendhaus Calmus | 10 000 € |
| Obstgarten Zärepesch | 10 000 € |
| Obstgarten Helzent | 10 000 € |
| Sicherheitstore Schulhof | 10 000 € |
| Petanque-Piste in Calmus | 6 000 € |

Zum Vergleich die Zahlen der anderen Gemeinden aus dem Kanton Redingen, geordnet nach relativem Ueberschuss:

| **Commune** | **Recettes ord.** | **Dép. ord** | **Boni ord.** | **Boni relatif en %** |
|---|---|---|---|---|
| Rambrouch | 17 223 129 € | 13 173 562 € | 4 049 567 € | 23,51 % |
| Useldange | 6 706 498 € | 5 477 826 € | 1 228 672 € | 17,32 % |
| Redange | 10 725 055 € | 9 786 516 € | 938 539 € | 8,75 % |
| Pratzerthal | 5 829 133 € | 5 353 260 € | 475 873 € | 8,16 % |
| Grosbous | 3 718 518 € | 3 423 086 € | 295 432 € | 7,94 % |
| Ell | 4 826 738 € | 4 448 287 € | 378 451 € | 7,84 % |
| Saeul | 2 903 618 € | 2 703 911 € | 199 704 € | 6.88 % |
| Beckerich | 10 269 891 € | 10 269 891 € | 699 477 € | 6,38 % |
| Wahl | 3 522 486 € | 3 319 281 € | 203 205 € | 5,77 % |
| Vichten | 4 817 065 € | 4 813 638 € | 3 427 € | 0,07 % |



Joé Wolff, futur secrétaire communal



Stéphanie Labranche, receveur communal




Martine Ensch-Even, bureau de la population



Joël Kieffer, secrétariat communal



Erica Bucari, service technique



Thierry Hollerich, garde-forestier




D'Equipe vum Service Régie: Zvonimir, Andy a Laurent

## Administration communale de Saeul

| HORAIRES D'OUVERTURE AU PUBLIC | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| Bureau de la POPULATION & ÉTAT CIVIL | FERMÉ | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 et 14:00 - 18:30 | 08:30 - 11:30 |
| SECRÉTARIAT * | FERMÉ | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 |
| RECETTE | FERMÉ | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 | 08:30 - 11:30 |
| SERVICE TECHNIQUE bureau | Sur RDV | Sur RDV | Sur RDV | Sur RDV | FERMÉ |

***Secrétariat: Demande de rendez-vous uniquement possible pour consultation des dossiers des autorités politiques.**

8, rue Principale L-7470 Saeul Tél. : 23 63 22-1 Fax : 23 63 94 29

## Annuaire

| SERVICE : | PERSONNE DE CONTACT : | ATTRIBUTIONS : | E-MAIL : | TÉLÉPHONE : |
|---|---|---|---|---|
| **Bureau de la POPULATION & ÉTAT CIVIL** | Martine ENSCH | accueil des citoyens et des arrivants, indigénat, réservation salle des fêtes, chèque-service, gestion des chiens, sacs SIDEC & Valorlux | martine.ensch@saeul.lu | 23 63 22-22 |
| **SECRÉTARIAT** | Joël KIEFFER | budget, propriétés communales, bulletin communal, site internet | joel.kieffer@saeul.lu | 23 63 22-21 |
| **SECRÉTARIAT** | Joé WOLFF | relations avec les autorités politiques, tenue des registres aux délibérations, organisation scolaire | joe.wolff@saeul.lu | 23 63 22-20 |
| **RECETTE** | Stéphanie LABRANCHE | comptabilité, taxes communales, facturation déchets-eau-canalisation, repas sur roues | stephanie.labranche@saeul.lu | 23 63 22-23 |
| **SERVICE TECHNIQUE bureau** | Erica BUCARI | autorisations de bâtir, renseignements PAG & PAP, commodo incommodo, voirie | erica.bucari@saeul.lu | 23 63 22-26 |
| **SERVICE TECHNIQUE atelier** | Laurent GENGLER | raccordements eau et canalisation, installation des compteurs | secretariat@saeul.lu | 691 135 790 |
| **GARDE FORESTIER** | Thierry HOLLERICH | vente de bois de chauffage | thierry.hollerich@anf.etat.lu | 621 202 184 |

• Dans sa séance du 10 juin 2015 le conseil communal a approuvé un projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Ehner, au lieu-dit « Haaptstrooss ». Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 24 juin 2015, référence 17064/112C et a été publiée le 15 juillet 2015.

• Dans sa séance du 17 décembre 2015 le conseil communal a approuvé les redevances à percevoir sur l'eau destinée à la consommation humaine. Cette délibération a été approuvée par arrêté grand-ducal en date du 11 janvier 2016 sous la référence MI-DFC-4.0042 (49896) et a été publiée par voie d'affiches dans la commune de Saeul le 04 février 2016.

• Dans sa séance du 17 décembre 2015 le conseil communal a approuvé les redevances à percevoir sur l'assainissement. Cette délibération a été approuvée par arrêté grand-ducal en date du 11 janvier 2016 sous la référence MI-DFC-4.0042 (49895) et a été publiée par voie d'affiches dans la commune de Saeul le 04 février 2016.

• Dans sa séance du 17 décembre 2015 le conseil communal a approuvé les tarifs en matière du du service « Repas sur roues » au prix de 12,30 € par repas à partir du 1er janvier 2016. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 13 janvier 2016 sous la référence MI-DFC-4.0042 (49893) et a été publiée par voie d'affiches dans la commune de Saeul le 21 janviers 2016.

• Dans sa séance du 17 décembre 2015 le conseil communal a approuvé les primes pour l'acquisition d'appareils électroménagers. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 04 janvier 2016 sous la référence 346/CR/16 et a été publiée par voie d'affiches dans la commune de Saeul le 08 janvier 2016.

• Dans sa séance du 23 février 2016, le conseil communal a approuvé les tarifs en matière d'enlèvement des déchets encombrants à partir du 1er janvier 2016. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 12 avril 2016 sous la référence MI-DFC-4.0042 (54910) et a été publiée par voie d'affiches dans la commune de Saeul le 21 avril 2016.

